# NATIONAL-KONGRESS VUN DEN ZWANGSREKRUTEIERTEN



JPG to PDF Lite

HESPER - 28. Abrëll 2001

# Nationalkongress vun der Association des Enrôlés de Force Victimes du nazisme.

**Samsdeg, den 28. Abrëll 2001**

zu Hesper am Centre Civique (bei der Hesper Schoul) organiséiert vun den Enrôlés de Force, Sektioun Hesper.

## Programm

**Vu 14.00 Auer** un : Rassemblement vun den Delegéierten virum Centre Civique zu Hesper. Parkplaazen sin am Haff vum Centre Civ. ronderëmmer.


Réceptioun vun den Invitéen an Delegéierten virum Festsall vum Centre. Do gin och d'Delegatiounen enrégistréiert.

**Um 14,30 Auer** : Gedenkzeremonie mat Nidderléen vu Blumen beim Monument an der Allée de la Jeunesse Sacrifiée 1940-1945, an uschléissend beim Monument aux Morts bei der Hesper Kierch, duerch den Zentral-Comité an d'Hesper Sektioun.

**Um 15.00 Auer** :

*Ouverture duerch de Kongress - President Michel Behm.
*Musikalesch Astëmmung duerch de Kannerchouer " Les Allouettes " vu Fenteng ënner der Direktioun vun der Madame Nicole Dielissen.
*De President vun der Hesper Sektioun Michel Wester begréisst d'Gäscht, a stellt d'Hesper Gemeng vir.
*De Nationalpresident Jos Weirich begréisst d'Delegatiounen.
*De Generalsekrétaire Jim Bolmer présentéiert den Aktivitéitsbericht.
*Den Tresorier Emile Olsem mecht de Rapport iwer d'Finanzen.
*Rapport vun de Keeserevisoren,Bestëmme vun de Revisoren fir 2002.
*Eventuell Froen a Kritiken zu de Rapporten.
*Bestëmme vun der Uertschaft fir d'Organisatioun vum Kongress 2002.
*Aennerung vun den Associatiounsstatuten.
*Diskussioun vun eventuelle Motiounen.
*Deelweis Erneierung vum Comité Central. ( Austrëttserie )
*Auszéchnung vu verdéngschtvolle Memberen mam " Ruban ".
*Referat vum Nationalpresident Jos.Weirich iwwer aktuell Froen.
*Fräi Aussproch / Diskussioun.
*Lescht Wuert vum Nationalpresident.
*Usproch vun der Madame Buergermeeschter vun Hesper, Marie Thérèse Gantenbein - Koullen.
*De President vum Kongressbüro schléisst de Kongress 2001 of.

*<u>Eirewein offréiert vun der Hesper Gemeng</u>.




JPG to PDF Lite

Mir sin erschreckt : dass knapp 60 Joer no der Invasioun vu Lëtzebuerg, verantwortlech Persounen aus Staat a Land, déi de Krich net méi erliewt hun, awer denen hier Mammen a Pappen ënnert den Nazien gelidden a gestuerwe sin. ënner dem Alibi vu Konscht, schon erëm op Défaitisten era falen.

Mir sin nët d'accord : dass Steiergelder benotzt gin fir Streit an Onenegkéet an d'Land ze brengen, an eng national Polemik ausléisen.

Mir proposéieren dofir: mat dem finanziellen Opwand vun dësem " faux pas " onsem Jonktum mat allen Interesséierten, den Historik vun der "Gëlle Fra " méi no ze brëngen.

Mir sin iwerzégt dass : kee Lëtzebuerger Artist sech am Ausland un engem nationale Monument geng vergreifen fir ënner dem Virwand vu Konscht, do d'Awunner ze schockéieren an ze revoltéieren.

Mir verlangen dofir : dass dëse provokatorische Sakrileg nach virum 10 te Mai ( 61 ten Anniversaire vum preisischen Iwerfall ) verschwënd a wann noutwendeg sollen öffentlech Protester gestart gin, genée wéi am Oktober 1940, wéi d'Nazien d' Gëlle Fra niddergewalzt hun.

Association des Enrôlés de Force, Victimes du Nazisme

Amicale des Anciens de Tambow

Association des Survivants des Enrôlés de Force

Fédération des Victimes du Nazisme, Enrôlés de Force

JPG to PDF Lite

Mat dem Club des Jeunes
Zukunft vum Land

# Nationalkongress

## vun der Association des Enrôlés de Force Victimes du nazisme

### Samsdeg, den 28. Abrëll 2001

**zu Hesper am Centre Civique (bei der Hesper Schoul)**
**organiséiert vun den Enrôlés de Force, Sektioun Hesper**

### *PROGRAMM*

**Vu 14 Auer un:**

*Rassemblement vun den Delegéierten virum Centre Civique zu Hesper. Parkplazen am Haff vum Centre Civique ronderëm.*

*Réceptioun vun den Invitée virum Festsall vum Centre Civique. Do ginn och d'Delegatiounen enrégistréiert.*

**Um 14.30 Auer:**


*Gedenkzeremonie mat Nidderléen vu Blumme beim Monument an der Allée de la Jeunesse Sacrifiée 1940-1945, an uschléissend beim Monument aux Morts bei der Hesper Kierch duerch den Zentral-Comité an d'Hesper Sektioun.*

**15 Auer:**

* *Ouverture durch de Kongress-President Michel Behm.*
* *Musikalesch Astëmmung duerch de Kannerchouer „Les Alouettes" vu Fenteng ënnert der Direktioun vun der Madame Nicole Dielissen.*
* *De President vun der Hesper Sektioun Michel Wester begréisst d'Gäscht, a stellt d'Hesper Gemeng vir.*
* *De National-President Jos. Weirich begréisst d'Delegatiounen.*
* *De Generalsecrétaire Jim Bolmer présentéiert den Aktivitéitsbericht.*
* *Den Trésorier Emile Olsem mécht de Rapport iwwert d'Finanzen.*
* *Rapport vun de Keesserevisoren, a Wiel vun de Revisoren fir 2002.*
* *Eventuell Froen a Kritiken zu de Rapporten.*
* *Bestëmme vun der Uertschaft wou de Kongress 2002 ofgehale gëtt.*
* *Aennerung vun de Statuten vun der Associatioun.*
* *Diskussioun vun eventuelle Motiounen.*
* *Deelweis Neiwahl vum Comité-Central.*
* *Auszeechnung vu verdengschtvolle Memberen mam Ruban.*
* *Referat vum National-President Jos Weirich iwwer aktuell Themen.*
* *Fräi Ausprooch.*
* *Lescht Wuert vum National-President Jos Weirich.*
* *Usprooch vun der Madame Buergermeeschter vun Hesper Marie-Thérese Gantenbein-Koullen.*
* *De President vum Kongressbüro schléisst de Kongress vun 2001 of.*
* *Éierewäin offeréiert vun der Hesper Gemeng.*

fir 16.15 → minute de silence

JPG to PDF Lite




Club des Jeunes, FDL
19.10.01
Rendez-vous um 11 h
Claude Camille NEY

Association des Enrôlés de Force | Victimes du Nazisme
A. S. B. L. | C.C.P. 31324-90

Luxembourg/Hollerich
5, rue de la Déportation
Boite Postale 2415
L-1024 Luxembourg

Luxembourg, le 28.04.01

# RESOLUTIOUN

Op dem Nationalkongress vun der Association des EnrOles de Force, Victimes du Nazisme, vum 28.04.01 zu Hesper, hun d'Delegéiert eestëmmeg dës Resolutioun ugeholl.

Mir erënneren ons : a verneipen ons an déiwem Respekt virun den Affer déi am Krich 1914-1918, als Volontairen an de Reihen vun den Alliéierten fir d'Freiheet gefall sin.

Mir soe M E R C I : dene Leit , déi sech trotz Widderstand aus bestëmmte Kreesser behapt hun an d'Mémoire un dës gefaale Jongen an dem Claus Cito sengem " Monument du Souvenir "veréiwegt hun.

Mir verdaamen nach haut: dat Verbrieche vun den Nazien, déi am Oktober 1940, d'Gëlle Fra, e Symbol vun der Freiheet, trotz de Protester vu ville Lëtzebuerger, mat enger Dampwalz profanéiert an zerstéiert hun.

Mir verstin bis haut nit: déi onduerchsichteg Politik vu gewësse Leit, déi d'Existenz vun der Gëlle Fra nom Krich verhéemlecht hun an doduerch hiere " Réaménagement " verhënnere wollten.

Mir félizitéieren dofir: déi onermiddlech Streider fir d'Wourecht, déi 1985 onse "Monument du Souvenir " erem nei erstoe gelooss hun an dobei och déi Lëtzebuerger Volontairen aus dem Krich 1940 - 1945 nët vergiess hun.

Mir protestéieren dofir: vehement géint déi rézent grotesk Vergewaltigung vun dësem Monument dat alle gudde Lëtzebuerger dach esou vill bedeit.

Mir verurteelen : dass en nationale Symbol dien u Lëtzebuerger erënnert, déi fir ons Freiheet gelidden hun a gestuerwe sin, elo vun engem Kënschtler mëssbraucht gëtt,fir ze provozéieren.

JPG to PDF Lite